



Frënn vun der Ënn A.S.B.L.
*Luxembourg based non-profit organization defending civil rights on
the internet.*

Solidaritéit mat den Däitschen Aktivisten!

Hautzedaags ass et leider ganz normal an üblech, dass wann een sech aktiv fir eis digital Rechter asetzt, een vum Staat ageschüchtert gëtt. Den 20. Juni goufen et bei enger Partner ASBL, der "Zwiebelfreunde e.V." (déi och ewéi mir, Tor Serveren bedreiwen), engem Hackerspace zu Augsburg, souwéi bei den Leit aus den jeeweilegen Comitéen Hausduerchsuechungen an Perquisitiounen.

Firwat et dozou komm ass? Den Grond ass ganz simpel.

Eng Internetsäit déi zu Gewalt géint d'AfD opriff, huet hiren Email Account bei "Riseup"; Engem Ubidder deen ënner anerem eben E-Mail Accounts fir Aktivisten ubitt.

Zwiebelfreunde hunn een Spendenkonto bei deem een sécher ka sinn, datt seng Suen och bei Riseup ukommen.

Lo ass et esou, datt déi Internetsäit, wou zum Protest opgeruff gëtt, seng Kontakt E-Mail och bei Riseup huet. An doropshin huet d'Police an Däitschland wuel déi fatal Schlussfolgerung gezunn, datt Zwiebelfreunde och Bedreier vun Riseup musse sinn an domadder wuel och mussen deen jeenegen sinn, deen Protestwebsäit bedreift.

Wann Police aus Däitschland sech an deem Fall och nëmmen 5 Minutten Zäit geholl hätt, dann hätt een séier erausfonnt, datt dat esou net ka sinn. Einfach eemol uruffen oder eng E-Mail hätt ville Leit, vill Misère kënnen erspueren.

Do derbäi kënt dann och nach, datt de Comité vun den Zwiebelfreunde just als Zeien gehandelt ginn a net als Verdächtiger vun enger Strofdot! Déi Aktioun säitens der Police entseet jiddwer Verhältnesméssegkeet.

Dowéinst kritiséieren mir op't schäerfst d'virgoen vun der Däitscher Justiz. Et kann net sinn, dass Leit déi sech aktiv fir een oppent an fräien Internet asetzen, esou drangsaléiert ginn well d'Police hei Schlussfolgerungen zitt, déi einfach nëmmen skandaléis sinn.

Mir weisen eis dofir solidaresch mat deenen betraffenen Leit an ënnerstëtzen Zwiebelfreunde och bei hiren Rechtlechen Schrëtter géint d'Perquisitiounen an d'Hausduerchsuechungen!

D'Organisatioun Frënn vun der Ënn A.S.B.L setzt sech säit hirer Grënnung dofir an, dass d'Leit net nëmmen bezüglech der Anonymitéit am Internet opgekläert gi mä ënnerstëtzt och aktiv den Tor Projet. Tor schützt eis Date géint Masseniwwerwaachung vu Firmen a Regierungen, suergt dofir dass en ouni Zensur a Repressalien am Internet un Informatiounen kënt, an, datt z.b. Journalisten hier Quellen schützen kënnen. Tor gëtt all Dag vun zwou Milliounen Mënsche benotzt.